ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. Februar 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an den Här Minister fir Entwécklungshëllef weider ze leeden.

Zënter Joren ass am Südsudan eng schwéier humanitär Kris amgaangen. No verschiddene Reportagen („Jeune Afrique", ënner aneren) muss ee fäerten, datt d'Situatioun sech nach weider kéint verschlëmmeren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Bausseminister an dem Här Minister fir Entwécklungshëllef dës Froe stellen:

1. Wéi beuerteelt d'Lëtzebuerger Regierung déi aktuell Situatioun am Südsudan?
2. Ass Lëtzebuerg an der Hëllef fir de Südsudan engagéiert, eventuell nach iwwer dat eraus, wat am europäesche Kader fir d'Flüchtlingen op der Plaz gemaach gëtt?
3. Ass dru geduecht, Lëtzebuerger an de Südsudan ze schécke fir op der Plaz Hëllef ze leeschten?
4. Gi Lëtzebuerger Persounen oder Associatiounen ënnerstëtzt, déi sech am Südsudan wëlle privat engagéieren oder schon engagéiert sinn? Wa jo, wéi?
5. Zeechne sech op internationalem Plang Aktiounen of, fir d'Kris am Südsudan ze stoppen? Wa jo, wat mécht déi lëtzebuergesch Regierung an dem Kontext?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten